PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/09/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister weiderzeleeden.

Am Kader vun Nohaltegkeet an Ëmweltschutz gëtt ganz heefeg de Konsum vu virverpaakte Produiten an Einwegverpackungen diskutéiert. Dëst Thema ass grad bei Kaffismaschinnen déi mat Kapselen oder anere Systemer vun Eenzelpackunge fonctionnéieren e rekurrent Thema.

A ville Verwaltungen a Ministèren, ginn et Kaffismaschinnen entweder fir Visiteuren ze zerwéieren oder awer och fir dem Personal d'Méiglechkeet ze ginn Kaffi ze konsuméieren. Dës Maschinne ginn zum Deel iwwert de Budget vun de jeeweilege Verwaltungen a Ministerèn finanzéiert an och bedriwwen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Opgeschlësselt no Ministère, wéi vill Kaffismaschinne sinn am Asaz?
    - Wéi vill dovunner sinn traditionell Kaffismaschinnen?
    - Wéi vill dovunner si Vollautomaten?
    - Wéi vill dovunner baséieren op engem Kapselsystem oder aneren Einwegverpackungen?

2. Opgeschlësselt no Ministère, wéi vill Prozent vun de Kapselen oder Einwegverpackunge vun dëse Kaffismaschinne gi recycléiert?

3. Gëtt et e Plang vun der Regierung fir Kapselsystemer progressiv duerch aner Léisungen, déi méi ëmweltfrëndlech sinn, ofzeléisen?
    - Wa jo, wéi gesäit dëse Plang aus a bis wéini ass mat sengem Ofschloss ze rechnen?

4. Wéi vill Kaffismaschinne sinn an deene leschte 5 Joer vun deene verschiddenen Typpen ugeschaaft ginn?

5. Wéi deelt sech den Akaf (a Gewiicht a finanziell) vun den eenzele Ministèren op déi verschidden Kaffisproduiten op?
    - Kaffisbounen?
    - Kaffispolver?
    - Einwegverpackungen?
    - Fäerdegkaffi?

Mat déiwem Respekt,

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

CLEMENT Sven
Député